



Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2791 vum 18. August 2025 vum éierbaren Deputéierten Fred Keup

- 1) Sinn d'Banke gesetzlech ugehalen, Clienten d'office auszefroen, wann si bestëmmten Zomme vun hire Sue wëllen ophiewen? Falls jo, op wéi enger legaler Grondlag a vu wéi engem Montant un? Sinn d'Clienten, déi hei engem private Vertragsverhältnis mat der Bank stinn, verpflichtet, ob esou Froen ze äntweren?**

D'Banken ënnerleien de legale Bestëmmungen iwwer d'Bekämpfung vu Geldwäsch a vun Terrorismusfinanzéierung a sinn, opgrond vum Artikel 3, Paragraf 2, Alinea 1, Punkt d) vum ofgeännerte Gesetz vum 12. November 2004, dem Artikel 1, Paragraf 3 vum ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 1. Februar 2010 an dem Artikel 32 vum CSSF-Reglement n°12-02 dozou verpflichtet, eng risikobaséiert "vigilance constante" géint iwwer hire Clienten auszeféieren, wat ënner anerem d'Fro no der Quell vun de Suen oder dem Zweck vun enger Transaktioun ëmfaasse kann. Dobäi si se e.a. och gehalen ongewéinlech Transaktiounen ze erkennen. Ee spezifesche Schwellwäert gëtt et dobäi net. An deem Kader spillen och déi vertraglech Flichten vum Client.

- 2) Verfügen d'Banken iwwert e gesetzlech Recht oder eng Pflicht, de Clienten hir eege Suen ze verweigeren, wann si d'Erklärungen, déi d'Clienten hinne ginn, firwat si hir Suen ophiewen, fir net plausibel halen oder d'Clienten sech weigere, sech vis-à-vis vun engem Déngschtleescher ze erklären?**

Den Artikel 5, Paragraf 3, vum ofgeännerte Gesetz vum 12. November 2004 hält explizit Follgendes fest :

« Les professionnels sont tenus de s'abstenir d'exécuter toute transaction qu'ils savent ou ont des motifs raisonnables de soupçonner d'être liée à un blanchiment, à une infraction sous-jacente associée, ou à un financement du terrorisme avant d'en avoir informé la Cellule de renseignement financier [...] »

Den Artikel 3, Paragraf 4, Alinea 4, vum ofgeännerte Gesetz vum 12. November 2004 an den Artikel 22, Paragraf 2, vum CSSF-Reglement n°12-02 leen des Weideren fest, dass wa Banken d'Erklärunge vun de Clientë fir net plausibel halen oder déi néideg Informatiounen feelen, si net nëmmen dozou berechtegt, mee gesetzlech verpflichtet sinn, d'Transaktioun ze verweigere an, wann néideg, eng Meldung un d'Cellule de Renseignement Financier („CRF“) ze maachen.

D'CRF kann doropshin ausdrécklech d'Instruktioun ginn, dës Transaktioun mam Client net auszeféieren.

- 3) Sinn d'Banken obligéiert, Donnéeën zu den Ursaache firwat d'Clienten hir Suen ophiewen, schrëftlech festzehalen a falls jo, vu wéi engem Montant un a wéi laang? Op wéi enger dateschutzrechtlicher Grondlag géif esou eng Dokumentatioun stattfannen?**

D'Banke mussen d'Dokumente, d'Donnéeën an d'Informatiounen, déi néideg si fir hir "due diligence"-Obligatiounen ze erfëllen, fir eng Dauer vu 5 bis 10 Joer halen, esou wéi et am Artikel



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

3, Paragraf 6, vum ofgeännerte Gesetz vum 12. November 2004 virgesinn ass. Dobäi ënnerläit d'Veaarbechtung vun de perséinlechen Donnéeën dem europäeschen Dateschutzreglement.

Lëtzebuerg, de 26. September 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth